

## Journée de rencontre den 20. Oktober 2007 zu Iechternach

Léif Memberen,



**D'A.s.b.l. MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch** ass de 16. Abrëll 2005 gegrënnt ginn.

Mir haten **eis Ziler** gesat, déi mir och ëmgesat hunn.

2005, 2006 an 2007 hu mir **Lëtzebuergesch Coursen** ugebueden, an zwar während dem Joer awer och a Form vun **Intensivcoursen** am Juli mat Fortsetzungscoursen Enn August, Ufank September, a **Conversationscoursen**.

Et sinn och ëmmer méi Lëtzebuergesch, déi un engem Cours fir **Orthographie a Grammaire** intresséiert sinn.

Fir d'**Kultur** gouf och gesuergt a mir hunn zesumme mat iech d'Dräi Eechelen, d'Archiven, d'Philharmonie, de Musée d'Histoire de la Ville de Luxembourg an d'Chamber besicht.

Ee Punkt huet nach misse verwierklecht ginn, an zwar **eng Plattform ze schafen, fir sech am Beräich vun der Lëtzebuergesch Sprooch z'informéieren an auszetauschen**.

**A genee aus dësem Grond huet d'A.s.b.l. MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch all Lëtzebuergesch- Formateuren aus der Erwuessebildung op eng „Journée d'échange et de réflexion“ invitéiert.**

E Samschdeg, den 20. Oktober zu Iechternach an der neier Jugendherberg beim Séi war et esouwäit.

Et war en aussergewöhnlech herrlechen Hierschtdag a vill Interessenten haten sech ugemellt, fir sech kennen ze léieren an iwwert hir Erfahrungen ze schwätzen.

37 Leit hunn deelgeholl.

Um 10 Auer huet d'Jackie Weber- Messerich eng kleng Usprooch gehalen, duerno hu mir eis a 6 Gruppen agedeelt. Mëttes hu mir zesummen an der Jugendherberg giess a mir haten nach eng gutt Stonn fir eis perséinlech méi no ze kommen. Nomëttes war den Austausch am grouesse Grupp.

Mir hunn iwwert Froen, déi mir eis stellen, diskutéiert. Et ass wichteg ze wëssen, datt een net eleng do steet an datt et méi einfach ass, gemeinsam no Äntwerten ze sichen.

Ee Wonsch gouf allgemeng kloer, a Kontakt bleiwen an nees zesummekommen, fir neit Material auszeschaffen.

**Alleguer hunn se dëse perséinlechen Austausch souwéi de Materialaustausch begréisst.**

**Deen neie Formateursdag ënnert dem Motto „Materialbörse“ ass festgeluecht.**  
**Fir den 12 Abrëll 2008 sammele mir Material iwwert 2 Themaen: Lëtzebuergesch**  
**Gebräicher a Spiller.**

**Nei ass och eng Plattform um Internet.** Weider Detailer dozou hei am Informatiounsblat.  
**De Comité vu Moien seet iech, léiwe Memberen, MERCI fir d'Ënnerstëtzung eis Ziler ze realiséieren, an all deenen, déi um Formateursdag matgemaach hunn, MERCI fir dee flotten Dag.**

**Denise Heiderscheid**



Fir all déi, déi um Formateursdag den 20. Oktober waren, an och fir déi, déi net konnten dobäi sinn, hu mir eng gutt Nouvelle: mir hunn e Forum ageriicht, also eng Plattform, op där mir eis iwwert d'Sprooch an d'Coursë kënnen austauschen. Dëse Wonsch war um Formateursdag opkomm, an et ass jo och eent vun den Ziler vun der Asbl MOIEN sou eng Plattform ze schafen. Wann déi bis gutt funktionnéiert, kann ech mer virstellen, dass och Leit, déi net am Beräich vun der Formatioun tätég sinn, mee déi sech einfach gär iwwert d'Lëtzebuenger Sprooch informéieren, an dësem Forum aktiv ginn.

Et ass net schwéier, fir Member um Forum ze ginn: Op eiser Internetsäit: [www.moienasbl.com](http://www.moienasbl.com) fannt dir en direkte Link op dëse Forum( <http://letzformateurs.forencity.eu/> ), do gesitt der schonn, wéi de Forum ausgesäit. Fir och kënne Baitreeg ze schécken, musst der iech enregistréieren, mat engem Usernumm an engem Passwuert. Fir dass mir eis géigesäiteg kënnen identifizéieren, wier et gutt, wann der als Usernumm äre Virnumm an den 1. Buschtaf vun ärem Familljennum gëift huelen. Vergiesst net, d'Conditionen z'akzeptéieren, soss klappt et net. Wann der iech agedroen hutt, kréien ech eng Mail a kann dann äre Kont aktivéieren. Duerno kënnt der da monter drop "lassforen".

E Forum kann nëmmen dann iwwerliewen, wann e mat Baitreeg gefiddert gëtt. Et huet ee vläit net ëmmer eppes z'erzielen, mee et wier flott, wann der regelméisseg gëift kucke goen, wat sou um Forum lass ass.

Ech wënschen iech vill Spaass, a wann der Problemer mam Registréieren hutt, da mellt iech bei mir.

Bis da geschwënn um Forum,

Jackie Weber-Messerich

Fir d'Asbl MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch

## **Zéng kleng Schof**

10 kleng Schof  
leien am déiwe Schlof,  
eent erwächt vu Péng,  
lo schlofen der nach 9.

9 kleng Schof  
leien am déiwe Schlof,  
eent huet sech futti gelaacht,  
lo schlofen der nach 8.

8 kleng Schof  
leien am déiwe Schlof,  
eent ass net leie bliwwen,  
lo schlofen der nach 7.

7 kleng Schof  
leien am déiwe Schlof,  
eent dreemt vun der béiser Hex,  
lo schlofen der nach 6.

6 kleng Schof  
leien am déiwe Schlof,  
eent rifft haart ëm Hëllef,  
lo schlofen der nach 5.

5 kleng Schof  
leien am déiwe Schlof,  
eent fiert eleng op Tréier,  
lo schlofen der nach 4.

4 kleng Schof  
leien am déiwe Schlof,  
eent fruppst eng déck Portioun Bräi,  
lo schlofen der nach 3.

3 kleng Schof  
leien am déiwe Schlof,  
eent geet senger Wee,  
lo schlofen der nach 2.

2 kleng Schof  
leien am déiwe Schlof,  
eent gëtt waakreg well et reent,  
lo schléift eleng nach eent.

1 klengt Schof,  
erwächt aus dem déiwe Schlof,  
hatt huet elo ausgeschlof  
a sicht déi aner Schof.

*Marianne Johannis-Schlechter*



D’Gewënnerin vun eisem Concours aus dem leschten Infoblat heescht Claudia Schlingmann. Wéi et hir an der “Mëllerefer Stuff” geschmaacht huet, gitt Der am nächsten Infoblat gewuer.

[www.mellerefer-stuff.lu](http://www.mellerefer-stuff.lu)

## A G E N D A

Mir wiere frou wann Dir Iech dës Datume fir 2008 schonns géift mierken :

Eis Generalversammlung ass de 7. Mäerz 2008 ëm 20.00 Auer am Konschthaus beim Engel.

Wéi elo schonns zënter e puer Joer, hu mir erëm e Stand op dem Festival des Migrations, des Cultures et de la Citoyenneté, de 14. 15. a 16. Mäerz an den Ausstellungshalen um Kierchbierg. Kommt bei eis laanscht!

Den 12. Abrëll ass den 2. Formateursdag.

Vu Februar u bidde mer nees **en Orthographiescours** un, dee vum Educationnsministère conventionnéiert ass.

**Wéini a wou?**

Vum 15.02.2008 bis den 02.05.2008 (10 Seancen)

Freides owes vun 19Auer-21Auer am CLAE zu Gasperech

Präis: 20€

Umeldungen um Tel. 26 311 343 oder per E-mail [moien@pt.lu](mailto:moien@pt.lu)

## Verbesserungsservice

Wann Dir Är Texter, Broschüren, Deplianten asw. gär an der richteger Lëtzebuerger Schreifweis verëffentleche wëllt, dann zéckt net a kontaktéiert eis. Mir verbessern Iech se. Präis op Ufro.

*MIR WËNSCHEN  
IECH AN ÄRER FAMILL  
E SCHÉINE CHRËSCHTDAG  
AN E GUDDE RUTSCH AN DAT NEIT JOER*

Kontakt : Moien asbl- BP : 5 , L-8701 Useldange

Tél : 26 311 343 – Fax : 26 311 342

Gitt Member !

